

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Eng vun den Aufgabe vun der Police ass, datt si betrafte Persoune bei der Réckféiering an déi jeeweileg Hierkonftslänner begleeden.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Aus wéi engen Ursaache gi Leit vum Lëtzebuerger Staat an hir Hierkonftslänner zeréckbruecht?
2. Wéi vill därer Réckféierunge sinn 2019, 2020 an elo am Januar an Februar 2021 duerchgefouert ginn?
3. Iwwert wéi eng Transportweeër ginn dës Réckféierungen duerchgefouert? Geet dat iwwer Linneflich oder Charterflich?
4. Kann d'Regierung d'Länner opschlësselen, an déi déi betrafte Leit am uewe genannten Zäitraum zeréckbruecht goufen?
5. Wéi vill Poliziste begleeden déi Réckféierungen a wéi gestalt sech an deem Kontext den Zäit- a Personalopwand fir esou Réckféierungen?
6. Wéi laang halen sech d'Poliziste bei esou Réckféierungen ausserhalb vum Land op? Ass fir si an esou Fäll eng speziell Entschiedegung virgesinn?
7. Sinn an de leschte Jore scho Réckféierungen ofgebrach ginn? Wa jo, aus wat fir enge Grënn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten